

(1) Introduktioun zum Buch:

GESTUERW FIR D'HEMECHT - DE' SECHS WELTZER MÄRTYRER beim Streik vum 31. August 1942 vum Joss Thein

Dëst Bichelchen, wat 1945 erschéngen ass, baséiert op historesch Tatsaachen. Et beschreift wéi et zum Streik vum 1942 koom ass, deen zu Woltz ugefaangen huet. Et ass onbedéngt lieseswäert! Dir fannt di 30 Säiten als PDF als link.

Nodeems d'Naziën den 10. Mee 1940 Frankräich, Lëtzebuerg, Holland an d'Belsch iwverfall a besat haten, hunn se alles dru gesat fir mat alle méiglechen propagandisteschen an terroristesche Moyenen d'Lëtzebuenger gefügeg ze maachen fir se *heim ins Reich* ze forcéieren.

Wann ee seng Aarbéchtsplaz net wollt verléieren oder wann ee wollt weider studéiere goen, war ee quasi forcéiert sech an hir Eenheetsorganisatioun, der VdB (Volksdeutsche Bewegung) ze mellen. All sougenannt däitschfeindlech Veräiner gouwwe verbueden an hir Suen agezunn.

De Jos Thein beschreift op der Säit 14 ¹ wéi d'Nazie probéiert hunn méiglechst vill Lëtzebuenger ze iwverzeegen fir an d'VdB anzetrieden:

(...) D'Versammlungen zu Woltz gi richteg Katastrophen. D'preisesch Polizei muß geruff gi, fir eidel Bänken ze fëllen. D'Dräen, d'Ble'melen, d'Fluchen, d'Schwätzen, alles ass ämsoss: d'Bewegung ass a bleiwt eng Fehlgeburt.(...)

An de Versammlungen, mat déne Woltz vum September 1940 un bombarde'ert gët, fällt et geschwënn op, datt d'Scho'lmeschtere systematesch ewegbleiwen. Schließlech dréen d'Riedner mat den 30 Kilo Gepäck an der Deportatio'n no Südfrankreich. (...)

Den Oktober kënnt, d'Beamtesperr gët dekrete'ert, vun de Weltzer Le'erpersounen ass nach kén an der VdB. De preiseschen Unterrichtsminister kënnt op Letzebuerg, wo' de Gauleiter an der Versammlung him muss agestoen: "Eine große Lücke klafft noch in der Luxemburger Lehrerschaft. 75% sind nicht in der VdB."

Well dat mat der VdB nët esou geklappt hat wéi d'Naziën et sech virgestallt haten, koumen se op d'Iddi eng Volkszielung ze maachen wou d'Lëtzebuenger sech all sollten als *Däitsch* declaréieren: (cf. Brochure S. 13):

¹ Mir gebrauchen hei d'Rechtschreibung vum Auteur Joss Thein

**Wéi ass aus der Vollekszielung
vum 10. Oktober 1941 e
„Referendum“ ginn?**

Eng Vollekszielung erméiglecht engem Staat, seng Awunner ze zielen an hir perséinlech Donnéeën ze sammelen: Numm, Virnumm, Alter, Adressen, asw. Op de Formulairé vun der Vollekszielung vum **10. Oktober 1941** muss een och seng Nationalitéit, Mammesprooch a „Rass“ uginn an ob ee jiddesch ass oder net. D'Resistenz ríft dozou op, fir dës Froe mat „dräimol Lëtzebuergesch“ ze beäntweren. Si wëll esou aus deem, wat ursprénglech als Vollekszielung geduecht war, e „Referendum“ maachen, dat heescht eng Ofstëmmung iwwert d'Onofhängegkeet vum Land. Ganz vill Leit befollegen d'Uweisunge vun der Resistenz an dat, obwuel d'Gefor grouss ass, vun den Däitschen identifizéiert ze ginn. Wéi vill sinn et der? Genuch, fir dass d'Vollekszielung annulléiert gëtt. D'Resistenz huet gewonnen. No dëser Erniddregung léisst de Gauleiter 200 Resistenzler festhuelen. Zweek vun hinne ginn am Februar 1942 gekäppt.

D'Resistenz hat et fäerdeg bruecht d'Volkszielung, déi d'Naziën fir den 10. Oktober 1941 organiséiert haten, **zu engem kloer Referendum fir d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg ze maachen**. Dat war eng eendeiteg Blamage fir de Gauleiter, deen dunn d'Volkszielung annulléiert huet. Als Revanche huet en eng 200 Resistenzler festhuele geloos, vun deenen der 2 am Februar 1942 gekäppt goufen.

Den **30. August 1942** hunn d'Naziën verfügt, datt jonk Lëtzebuurger Jongen (tëscht 18 - 24 Joer) missten an di däitsch Arméi goen: si sinn an d'Wehrmacht zwangsrekrutéiert ginn. Dorops koum et, den Dag duerno, den 31. August 1942 zu engem landesweite Streik, deen zu Woltz ugefaang huet. Wéi et dozou komm a wat dat fir Konsequenzen hat, gëtt am Bichelchen vum Joss Thein erzielt.

Zu Woltz, an op villen anere Plazen am Land, hate Leit de **Courage** an de Streik ze trieden. Dat waren eng grouss Zuel vun Aktiounen op ville Plazen am Land:

- Aarbéchter déi d'Aarbécht niddergeluecht hunn,
- Baueren déi hir Produitsen zrëckgehalen hunn,
- Beamten a villen Administratiounen, déi stonnelaang „Paus“ gemeet hun oder net op d'Aarbecht gaang sinn,
- Léierpersonal, déi hir Schüler heemgeschéckt hunn,
- Studentinnen a Studenten, déi gestreikt hunn
- jiddereen, deen wollt seng Oppositoun géint d'Nazien an aller Öffentlechkeet weisen, huet e Wee a Mëttelen fonnt fir sech vum Okkupant ze demarkéieren

- D'Nazien hunn direkt verstan, datt et hei nët em e puer eenzel Onzefriddener géiw goen, mä em **eng kloer Oofleening vun hirem Regime**. Hir Reaktioun war brutal: den Ausnahmestand gouf ausgeruff. De Cortège vun de Streikenden zu Woltz gouf brutal opgeléist, di däitsch Polizei ass op den Industriesiten intervenéiert, Dausende gouwwe verhaft a gefoltert, Honnerte sinn an de Konzentrationslager ëmkomm. E sougenannt *Standgericht* huet. e.a. dës Mënschen erschoss.

BEKANNTMACHUNG!

**DAS
STANDGERICHT**

hat wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwertes in Luxemburg durch auführerischen Streik im Krioge folgende Personen zum Tode verurteilt:

KONS. Nikolaus Johann.
Postamtverwalter, Luxemburg

MEIERS. Karl. Lehrer, Wiltz

EWEN. Josef. Lehrer, Wiltz

BRÜCK. Alfred. Lehrer, Wiltz

LOMMEL. Cölestin. Lehrer, Wiltz

WEETS. Alfons. Direktor, Differdingen

SCHNEIDER. Johann Peter.
Werkzeugschlosser, Differdingen

TOUSSAINT. Ernst. Tischlermeister, Differdingen

BETZ. Nikolaus. Werkzeugschlosser, Keltzer

Die Urteile wurden heute um 4.30 Uhr durch

Erschiessen vollstreckt.

Samstag, den 1. September 1941

Der Vorsitzter des Standgerichts.

2. Deel: OP EEN NACH DRUN DENKT

Approche pédagogique - résistance - enrôlement forcé - shoah

Léif Schülerin, léiwe Schüler
Léif Studentin, léiwe Student,

Fir dech, eemol op eng ganz aner Manéier, an den Kontext vun den Erënnerungen vum Joss Thein vun 1945 eran ze versetzen, proposéiere mer dir véier extraitsën vum CD "**Do you remember?**" ze lauschteren. Si gouw erausginn den 08. September 2004 vun de Sängerfrënn Caecilia vun der Gemeng Géisdref an Zesummenaarbecht mat der Fanfare Bastenduerf op d'Initiativ vum Gilbert Kohn, zur Geleeënheet vun der Feier vun 60 Joer Liberatioun vu Lëtzebuerg.

Du kanns och d' CD kanns du léinen an der Bibliothèque nationale, Centre national de littérature, Cité Bibliothèque, Lycée classique Diekirch:

OP EEN NACH DRUN DENKT?

1. "Besonnesch een ass ët"

lien .m4a :

<https://cm2gm.lu/wp-content/uploads/2021/12/22Besonnesch-eeen-ass-et22.mp3>

Besonnesch een ass ët
deen näischt vergësst...
't as de Kalenner
deen d'Joren zielt...
a wann ët Wanter gët
kréien och d'Méint méi Zäit fir nozedenken
dobausse raumt de Wand am Laf...
geschwënn fällt an de Stuwen
dat lescht Kalennerblat
a mer sti viru Krëschttag...
Krëschttag...
demols am Keller...
ob een nach drun denkt...
déi dee Krëschttag erlieft hun
schwätze sielen dervun...
wat driwwer geschriwwen stät
gët nët genug gelies...
dofir misst ee sech sëtzen
sech selwer sin
an da kënnst een dobaussen

eppes verpassen...
haut kann een d'Nues erausstrecken
ouni dat ët ëm d'Dir kraacht
demols gouf sech am Gromprelach verkroch
an dat Verwëlleft mat den Hänn gestäipt...
't wäass een nach wéi et ugung
an 't sollt kën Enn kréien...
mer krute knaps
honnert Joër "Lëtzebuerg" ze feieren
an der Rumm vum klengen Schung...
a konnte nët gläwen
dat de Krääsch äis geschwë geholl géif...
dräi Fuerwen hu laascht d'Feld gebléit
dräi Blumme rout wäiss blo
a jiddrën huet sech dran geknéit
trotz Schrompel Méi a Plo

an 't war der dach eng glécklech Zäit
an 't mouch all Dag e Schratt méi wäit...

't gouw allerhand gemierwelt
mee...
datt et esou kéim...
't as nët ze soen...
am ënneschte Schapp nach e Won aus
dem Korteesch
hallef gerëscht...
an elo Krich an der Welt
d'Preise sin a Polen ageréckt
duerno gët ewell vu Schëss
déi Säit vu Schenge geschwat...
d'Giedel vun hannert Arel wot et net méi
bei äis an de Wanter ze kommen...

't ass Mä
d'Preise sin och bei äis agebrach
elo kann ee se gesinn
baussent dem Duerf läit e Bam
quääsch iwwert d'Strooss
virdrun e preiseschen Zaldot
e Gewier, e Schacko
séier erëm häm mam Velo
't as keng Schoul méi
wat gët dat ...

de Noper behaupt
d'Grande-Duchesse
de Prënz an d'Prënzekanner
esouguer d'Regëirong
si wieren zu Rodange iwwert d'Grenz gefuer...
franséisch Granaten schloen an
wif ënner Dag, an de Keller...

d'Preise krauchen aus dem Bësch
't schéisst
d'Minettsdäpp entlafen
e puer bleiwen am Dueref
d'Zaldote brieche an d'Haiser...
e schlecht Zäächen...
Zaldoten déi rafe musse fir an d'Schossel...
a si spanen eiser Päerd un hir Ween...
ewell récke se ...

a wéi se récken
a sechs Wochen klappen d'Stiwwelen
d'Paräisser Stroossen...

si mer en da lass...
bis op déi di nokommen...
an di aner récken och nët weider...
fir iwwert de Kanal kréien se d'Féiss net an d'Lut
an de Pull ass déif...

eis Leit kommen häm...
mer mussen äis kleng halen...
an hien ...
seng Mamm ass däitsch...
e bretzt sech:
"Si wousste sech dach unzeleën déi gelant sin..."
soss ass een owes mat ëm an d'Andacht gaang...
mee op déi Ried...
kä Wuert méi ...
wäit ewech vun ëm
wéi wann en d'Pescht hätt...

ier een d'An richteg op huet
kënnt eent op d'anert...
wäiss Hiemer liichten
d'Hakekräiz um Arem

d'V.d.B. Spéngel um Paltong...
d'Lëtzebuerger Zaldoten mussen iwwer ...
wat en Ubléck...
d'gëlle Fra ass ëmgerappt
d'Judden hun e Stär...
't duerf kee méi e Berri um Kapp hun...
wee sech stäipt gët an der Villa Pauly gebäatscht...
't gët brong a giel dorueter ...
hei de schéine Männchen
do den Himmel voller Geien ...
Beethovenoktav ..
mer päifen drop
si schreiwen an drécken
weisen d'Zänn
schécken d'breet Hitt an d'LiederMäntel ...

d'Gedanke vum freie Vollek
si wéi eng Klack gin
déi an näischt laut ...
den Äifer wisst
d'Ënnerschräfte fir eis Sprooch
schloen d'Kaarten op den Dësch
de "Gaugust" trottert zréck
eis Jongen mussen ënnert de preisesche
Spuet an d'Gewier...

elo gi mer op d'Strooss
ouni wäisst Hiem
weder am Gielen nach am Brongen
einfach am Schaffgezei
d'Lueden erof
d'Diren zou
d'Hänn an der Boxentäsch
esou trieden d'Lëtzebuerger op
a stin nët stramm
virun zougelifene Wandbeidelen
léiwer räissen se sech d'Hiem op ...
grouss Damm
mer hunn op lech gelauschtert
a rappen un...
di aarme Kanner ...

2. Si gin häm geschéckt

lien pour m4a :

<https://cm2gm.lu/wp-content/uploads/2021/12/22si-gin-ham-gescheckt.22.mp3>

si gin häm geschéckt...
d'Schoulmääschteren hun e léif op
d'Schëller geklappt...

't ass alles zou
fir de Preis wëll haut kä schaffen
keng Schoul a kä Büro
keng Fabrek an keng Schmelz
an 't stät och keen hannert enger Téik...

da musse mer haut an d'eidel Schossel kucken
sou wi sou géif de Kascht engem an der
Schléck stieche bleiwen...

lauschter:

- mengs de d'Blutthënn gifen d'Patte vun
de Jonge loossen....
- eent stät fest...
méi rose ka kën déi Rass maachen...
- a wa se zoupëtzten...
- da weisen di Staarek nawell d'Gesicht ...
d'Schaarfriichter fuere bäi ...
't gët zougegraff...

de Papp entrass ...
de Mann ...
de Jong ...
d'Hand fir d'lescht gedréckt ...
hier an duer geschlääft ...
virun d'Bänk
geschlou an ausgequëtscht
't kënnt näischt eraus ...
fort gefouert ...
wäit vun doheem
an der Nuecht op der Brëtsch entlumpt ...
e naasse Mantel ënnert sech ...

no engem Stéck Schreifpabeier gefrot ...
nach ee Wuert an d'Heemecht ...
d'Féiss an d'Holz gestach
duerch den Haff getrappt ...
wéi hale se sech riicht ...
de Gääschtleche luusst
duerch e Splack an der Barak ...
e mécht d'Kräiz iwwert se ...
si gesinn et nët ...
vläicht spire s'ët
d'grätscht an der Stäkaul ...
da fale Schëss ...

3. Zu eenanzwanzeg

link .m4a :

<https://cm2gm.lu/wp-content/uploads/2021/12/3.-22zu-eenanzwanzeg-.m4a>

zu eenanzwanzeg hu se dem Nazi
den éischte Stän an de Wee geluegt ...
e stéisst sech nach u villen aneren ...
den Damp gëtt em warem gemät ...
ma e wäicht nët aus der Däiwelsschmëdt
an d'hallef Welt kritt e gliddegt Eisen
unzepaken ...

Solle mer ...
oder solle mer nët ...
'sou réngen d'Jongen mat sëch ...
nët nëmmen hiert Liewen stät um Spill ...
si gin ...
si müssen ...
't gët eidel ...
e Bréif ...
näischt méi ...
eng Doudemass ...
d'Kiirch ass gestruppte voll ...

hënnt kouw dem Noper säin häm ...
et gät nët méi hannescht ...

un de Stoppe feelt et nët ...
iewel Blutscheiere si geriicht ...
an d'Liedersäck stiechen nëmmen an ...

eng Kette vu Verschläfen ...
gréisster Schënn
Honger a Muerd ...
Si klammen an den Zuch
ët wier es bal genuch
all Waggoo dee gët voll gedréckt
an nët gekuckt op een erstéckt
si mussen all an d'Stréi ...
... e Mënsch ass dach kä Véi ...

'T as fir di lescht Statioun
si brauche keng Ratioun
eng Kummerdir stät well grouss op
am Biddong waart eng gëfteg Zopp
e Niwwel dee fiert duer
si gin es dach gewuer

Kann eppes schroer
wa Mënschen Déi're gin
stellt een déi Fro ... 't ass vläicht ze spàit
wann alles vun der Bunn geréit
bréngt d'Léier dann nët méi ...
as de Verstand sou zéi ...

Si hu Schmatts hire kritt
da gët ët och séng Leit
alt nëmme Päck geschéckt ...
ma vill Hunger geschmollt
Rëpper gezielt ...
getässelt ...
e Rousekranz vu gedréchente Broudkigelcher ...

d'Woche vergin ...
d'Méint ...
e Joer as e Liewen ...

d'Russe fueren duer ...
d'Stëmm vun der grousser Damm
as eng Upak wéi den Arem vun enger Mamm ...
endlech d'Wonner ...
vun Osten päifelen d'Uergelen ...
a vu Weste gët Wuert gehal :
dem Adeler sénger Krall gët opgehollé ...
d'Amerikaner an d'Englänner sin u Land ...

a fale nët méi zrëck an d'Mier ...

d'Stiwwele verléieren d'Taleken ...
't gät de Preisen e Strapp ze séier
d'Alliéiert kréien s'an d'Knéien ...
d'Gielercher heiheem pake näischt méi an ...
Hals iwwer Kapp verlosse se d'Nascht ...

d'Liberatioun as séier erfort komm ...
di Péitenger Leit stin am Attemer Wee ...
si trauen hiren An nët ...
Jëses nu kuck ee Mënsch
de Prënz Félix an de Prënz Jean
allen zwéin un der Spëtzt vun der Kolonn
a riicht op d'Stad zou ...

a mer ...
séier häm op den ieweschte Späicher ...
d'Liicht op
de Fendel eraus ...
dräi Fuerwe ...
laang geduckt ...
mat eise Jongen
déi näs un d'Sonn kënnen

di giel "Matläfercher"
kréien d'Kopp gepleimt ...
iewel d'gët eng Grëtz ze fréi gedantz ...
dee leschte Blech hëfft sech näs ...
de Preis denkt frësch unzesetzen ...
't as erëm um Éisléck fir de Bockel duerzemaal ...
an 't gät elle bäi
grad an de Wanterpelz

do sichen d'Lais hir Nëscht ze sträen
gare
vum Späicher erof a wif an de Keller
't sin alles wéi keng Knëppelsteng déi falen ...
't as den Advent vun den Doudekäpp ...
de Gewierlaf gët virun op eis Reie gehal ..
't misst alles an e Koup trëllen bis déif ënnert d'Louhecken ...
d'Hell
d'gellech Hell ...
ier de Patton mat der Zuucht reit ...

da bleiwt ët äis vergonnt
fir zerguttst aus de Steng ze krauchen ...
wäit vun doheem iewel ...
wéini ...

en apaart Fréijor suergt fir de Rescht ...
esouguer den Abrëllsgeck litt nët ...
de Bireler a verschidde vu sänge Kropemänner
blose sech d'Käerz selwer aus ...
aner trëppelen dem Strack entgéint ...
um Friddensdësch hannerléisst
d'Rëtterkräiz
säi schimmegt Zäachen ...

ma eis grouss Damm
trëtt am schwaarze Klääd op de Balkon ...
mer gin es nët mitt ze ruffen ...
iwerdeems fir déi gekrasch gët
déi nach nët hei sin ...

d'Prisongsbraken zidderen ...
si fueren ausernän ...
eraus ...
stouss kän
hief dech a pak dech u mech un ...
gëff em eng hand
en huet keng Sprooch méi ...
o Mamm
wann eis mech esou erëmgesinn ...
groschwarz Sträifen hänke laascht
ausgediirte Glidder ...
do hält en Zuch ...
si gin dra gelicht mat Leit aus der Ëmsidlong ...
kenns de mech nët ...
si sin eng Famill ...
ënnerwee ...
an d'gefaange Jongen ...
't dauert an't duaert ...
a villen Haiser bleiwt d'Plaz éiweg eidel

4. D'Steng leien do

link: m4a :

<https://cm2gm.lu/wp-content/uploads/2021/12/4.-22DSteng-leien-do22.m4a>

d'Steng leien do
an 't bleift kee Mënsch derbäi stoen ...
't gëtt opgebaut
an der éischt lues a lues ...
awer op eemol rullt ët wéi nach ni ...
soll d'Maschin déi ersetzen déi felen ...
dat wär e schlechte Ramplassang ...

't fluppt ...
't muss verdingt gin ...
wääss d'ët ewell ...
wat ...
de Gielécher as Anterprënner ...
't gët der déi trapop falen ...
aner geroden an d'Schmalzdëppen ...
mer weise näischt ...
verhalen awer ...
't giff alles am Sand verlafen ...
mengt de Gielécher ...
an 't gëtt vëlleg Zement ...
wat méiche mer dann elo ouni Bëtong ...
seet en ...
zouschmieren ...
an d'Läinzäachen ...

d'Maschinen hu sech breet gemät ...
a fir munchereen dréint d'Liewe ...
wéi e Päerdercherspill ...
't gëtt een zwar liicht dronke ...
mä 't sëtzt ee flott ...
an de Noper ka kucken datt e nach e Suedel fënnt ...
ween denkt dann iwwert dat Alldeeglecht eraus ...
wann ee nëmmen op d'Knäppercher ze drécke brauch ...
alles fillt sech fräi ...
't gesäit kääm em d'Kéier ...
't streckt een éischer de Kapp an de Sand ...
dee niewt dem Bëtong nach bleiwt ...
't gëtt op d'Käschte vun deem gelieft wat agät ...

eis Kandskanner sollen a Gefor sin ...
méng Schold ...
déng Schold ...
séng Schold ...
weem séng Schold ...
ma dann ënnerhuelte dach eppes ...
op eisen Trape mierkt een näischt ...
mer wunne wäit vun der Strooss eweg ...

si gi laascht ...
do stin der vrun der Wëlzer Sail
grad ewéi um Kanounenhiwwel
mam Häerz ze liesen ...
Wierder aus der Éiwegkät :
"Kommt méi dacks laascht
loost äis nët eleng
't war jo sécher nët emsooss
wéi kéime mer äis vir
bedenkt wat mer gin hun ..."

esout stät ët geschriwwen ...
loosse mer äis oprëselen ...
mer sin et schëlleg ...

FROEN :

Nodeems du den Text gehéiert oder gelies hues, **stell dir eng Situatioun vir wou's du Uerderen kriss eppes ze man mat deem s du guer net d'accord bass**

Wéi reagéiers du?

An verschidde Situatiounen zum Beispill:

- Haut zu Lëtzebuerg
- Oder wann s du haut zu Myanmar, Belarus oder Hong Kong géifs liewen
- Oder 1942 als Lëtzebuerger, als Zwangsrekrutéierten

Informéier dech wat am Moment am Myanmar, Belarus oder zu Hong Kong passéiert. Sich no Artikelen aus Zeitungen an diskutéier mat dengem KollegInnen driwwer.

Stell dir lo vir du muss schnell eng Entscheidung treffen!

Wat huet et z. B. fir den Jugendlechen, vläicht aus dengem Alter, bedeit sech 1942, als Zwangsrekrutéierten mussen ze froen: wat man ech elo, wéi eng Entscheidung soll ech treffen, ginn ech an den Krich, un d'Front oder ginn ech net? Follegen ech oder follegen ech net, riichten ech mäin Gewier op en aneren Mënsch oder net?

Wat kënne d'Konsequenzen fir dech, fir deng Famill sinn? Informéier dech wat an den Krichsjoren di méiglech Konsequenzen effektiv woren.

Stell der nu d'Fro vun den **Konsequenzen vun denger Entscheidung** Wat kënnen d'Konsequenzen vu denger Entscheidung sinn

- Haut zu Lëtzebuerg
- an Krichszäiten
- als Lëtzebuerger
- Als Däitschen
- Lauschter d'Lidd vum Reinhard Mey *Nein meine Söhne geb ich nicht*
<https://youtu.be/oRRoWz0Ym5s>

Diskutéiert ënnereneen...

Soll ech oder soll ech net?

- follegen an an de Krich zéien

- fir de "Preis" schaffen (wéi et am Text *Ob een nach drun denkt* steet) obschonn deen decidéiert huet di lëtzebuergesch Jongen, di fréier Schüler, ze forcéieren d'Gewier fir hien mussen ze droen an op säin Uerder mussen op en aneren Mënsch ze schéissen oder selwer erschoss ze ginn, fir wien...? Firwat...?

Sich no resp.diskutéiert wéi eng Bedeutung Begrëffer hunn wéi Zwangsrekrutéierung, Zivilcourage, Solidaritéit, Respekt, Humiliatioun, Belounung, Opportunismus, Befehsempfänger (vun deenen den Rheinhard Mey sengt) a Kritikfäegkeet, Integritéit, Verrot, Standhaftegkeet, Metapheren wéi David géint Goliath an d'Symbol vun den 3 Afen, kuck um Internet "Les trois singes de la sagesse", un symbole, une histoire oder d'Metapher an d'Geschicht vum David an Goliath

Wat heescht Resistenz?

- Sich no, wien den Hans Adam war

- Sich no, wien den Albert Wingert war

Bei ärer Diskussioun kenn dir och zréckgräifen op Zitater vun deemools, wéi den Schreck nach an den Glidder stouch an d'Erënnerungen nach lieweg waren, als Beispill folgend Zitat aus dem Buch vum Marc Limpach an Marc Kayser; **Wir glauben an die Demokratie** Albert Wingert, Resistenzler

"Im Hinzerter Bunker gelingt es Wingert, für ein paar Augenblicke mit den 4 Wiltzer Lehrern - einige Stunden vor ihrer Erschiessung – zu sprechen...."

Sie versuchen sich durch die Gitterstäbe die Hände zu reichen. 1946 wird Wingert sich an diesen ergreifenden Augenblick in einer Rede an seine Lehrerkollegen erinnern:

...Vous vous êtes rendu compte de la mentalité de ces criminels; vous vous élevâtes et reçûtes... en vos poitrines la mort destinée à d'autres et parmi ces autres à nous-mêmes. Car rien n'est plus certain: si le premier appel aux armes de l'opresseur avait été écouté et suivi. Nous aurions tous marché sous le fouet prussien et combien d'entre nous auraient trouvé la mort quelque part en Europe, quelque part en Afrique.

Vous saviez bien que la vie n'a plus de sens d'être vécue quand les valeurs sont détruites qui seules la rendent appréciable....

Bravant crânement toute menace, tout péril, il y eut des hommes et des femmes qui semblaient par l'ascendant de leur personnalité avoir créé autour d'eux un cercle magique, devant lequel les porteurs de la mort-même n'osait franchir...

Pas un n'a regretté, pas un n'a versé de larme. Quelques heures avant leur exécution j'avais réussi à les voir, à leur parler pendant une demi-minute. Ils se tenaient dans l'angle de leur cellule en groupe serré...

La résistance et la mort de nos compatriotes et collègues ont racheté maintes fautes et concilié nos adversaires. Telle est la force morale de la virginité d'une conviction qu'elle arrive à faire des miracles..."